# D'Quëtschbloder

Neits vun der Société municipale des accordéonistes de Luxembourg

Februar 2016 / Säit 1

Nr. 1 / 2016


**Themen an deser Nummer :**


- Journée Nationale de l'Accordéon
- Ausflug 18.10.15
- Aktivitéiten & Concert-ën 2016
- Verkaf CD
- An eegener Saach
- Impressum
- Contact


## 08.11.2015: Journée Nationale de l'Accordéon

*En Nomëtteg am Zeeche vum Accordeon ënnert dem Motto "Musek ass Tromp".*

Ënnert dem Patronage vun der UGDA a vun der Stad Lëtzebuerg war e Sonndeg, 8. November am Alen Tramsschapp d'Journée Nationale de l'Accordéon, dëst Joer organiséiert vun der Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg.

Nodeems de President Raymond Mahnen d'Éiregäscht begréisst an dem Publikum e flotten Nomëtteg gewënscht huet, war et un der Société Municipale "Les Amis de l'Accordéon" vun Esch/Uelzecht fir ë. A. mat russesche Volleksmelodien a mat Klezmer-Musek Stëmmung ze maachen.

Duerno hunn d'Brëtellspianiste vun Angelduerf mat engem Potpourri un de Peter Alexander erënnert, an den James Bond mat senge villen Aventurë gefeiert.

Um Enn war et un der Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg, dem eelsten Orchester am Land, deen et zënter 1938 gëtt, fir hire Bäitrag ze leeschten. No "Happy Luxembourg" gouf et eng Parti bekannte Walzer an "Eine Reise ins Glück". Mat 3 Chansons vum Edith Piaf huet d'SMAL drun erënnert, datt den 19.12. dëst Joer dem Spatz vu Paräis säin 100. Geburtsdag wir. Den Titel "Happy Marching Band" huet e schmëssege Schlusspunkt gesat.

Den Här Peters vun der UGDA war begeeschtert dervun, wéi déi 3 Accordeons-Formatiounen gewisen hunn, datt den Accordeon en Instrument ass mat ville Méiglechkeeten, déi iwwert déi reng Kiermesmusek eraus geet.

Den 3 Dirigenten huet de Raymond Mahnen e schéine Bouquet iwwerreecht fir hinne Merci ze soen.

Ganz um Enn hunn d'MusikantInne vun allen 3 Formatiounen den Titel "Musik ist Trumpf" (Titelmelodie vun der TV-Emissioun op der däitscher Télé) zesumme gespillt. De Public huet och des Prestatioun begeeschtert applaudéiert.

Fir den Nomëtteg ofzeschléissen huet d'Stad Lëtzebuerg den Éirewäin spendéiert.









# 08.11.2015: Journée Nationale de l'Accordéon






















*Fotoen: Aloyse & Danielle Ludwig*

SMAL
Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

# D'Quëtschbloder

Neits vun der Société municipale des accordéonistes de Luxembourg



## 18.10.2015: Tour op Marteléng a Baaschtnech

D'Accordeonisten an hir Supporter hunn e ganze Sonndeg zesumme verbruecht. Bei enger Visite am Schiefermusée zu Uewer-Marteléng krute mer vill Infomatiounen iwwert d'Geschicht an d'Entwécklung vun der Schieferindustrie, Ofbau a Verschaffe vum Schiefer, d'Aarbechtsconditioune vun den Aarbechter a vun hirem Patron.

Nom Mëttegiessen am Restaurant Wagon LEO zu Baaschtnech ware mir nach an de Krichs-Musée zu Baaschtnech.

D'Nuechtiesse krute mer am "Hotel Restaurant Pommerlach" ier mir dann erem heem gefuer sinn.















**Société municipale des accordéonistes de Luxembourg (SMAL)**

Contact SMAL :
*President R. Mahnen*
*Tél. +352 40 39 94*
Dirigent R. Kraus
Tél. +352 50 15 06

Redaktioun
« d'Quëtschbloder » :
Danielle Ludwig
Luxembourg-Bonnevoie

e-mail (privat):
danielle.ludwig@gmx.net
e-mail SMAL :
Accordeon_SMAL@gmx.net

## Aktivitéite vun der SMAL :

| | |
|---|---|
| 13.03.2016 - 11h30 | Concert -Lëtzebuerger Lidderuucht<br>Luxembourg-Cessange, rue St Joseph n° 1 |
| 24.04.2016 - 14h00 | Concert - Akkordeon-Festival, Org. Akk.-Orch. « Frohe Klänge »; Idesheim (Deutschland), Gasthaus Lieser |
| 17.05.2016 | Sprangprëssëssioun / Procession dansante Echternach |
| 19.06.2016 - 15h30 | Concert - Gaard & Heem Walfer<br>Walferdange, Centre culturel Prince Henri, route de Diekirch n° 3 |
| 26.06.2016 - 14h00 | Concert - Par-Equipe Bergem<br>Centre culturel « Nëssert », rue de Schifflange, Bergem |
| 25.09.2016 - 15h00 | Concert - « Amis de la Fleur », Centre Hild<br>Dudelange, Av. Grande-Duchesse Charlotte n° 11 |
| 02.10.2016 - 15h00 | Concert - Haaptmann's Schlass<br>Berbourg, Broucherstrooss n° 4 |
| 06.11.2016 - 14h30 | Journée Nationale de l'Accordéon, Erpeldange |

Bestellt en CD mat der Opzeechnung vun eisem Concert den 8.02.14 am CHdN, andeems Dir 18 € (CD+Porto) op de CCPL vun der SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000 iwwerweist. Dir kritt den CD dann heem geschéckt.

*Commandez le CD avec l'enregistrement de notre concert du 8.02.14 au CHdN en effectuant un virement de 18 € (CD+frais de port) au CCPL de la SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000. Le CD vous sera envoyé à domicile.*

# 2015 - en aarbechtsräicht Joer

Fir d'läscht Joer huet d'SMAL eng houfreg Bilanz opweises :

- 40 Prouwen
- 13 Concert-ën
- Sprangprëssëssioun
- Journée de l'Accordéon
- Generalversammlung (AGO)
- Caeciliefeier
- Ausflug

a fir 2016 sti schonn e puer Aktivitéiten um Programm (liest w.-e.-g. uewe rechts).

Mir freeën äis driwwer, datt mir am Laf vun deene läschten 2 Joer nei aktiv Membre konnte rekrutéiren.

Awer net vergiess ass de Benny Schmit, deen äis den 1. Februar 2015 fir ëmmer verlooss huet.

**www.accordeon.lu**

## An eegener Saach ...

Mir sichen Accordéonisten, déi no regelméissege Prouwe gäre bei eise Concertë matspillen an och soss d'Gesellschaft an enger lëschteger Equipe genéissen.

Interesséierter kommen eng Kéier Mëttwochs an d'Prouw kucken: Hal Victor Hugo um Lamperbierg, rechts niewt der Rotonde eran an dann um éischte Stack am Gank hanne rechts.

*Nous accueillons volontiers les accordéonistes désireux d'intégrer notre orchestre pour participer aux répétitions hebdomadaires et aux concerts durant les saisons. Intéressé(e)? Venez nous rencontrer pendant une répétition au Hal Victor Hugo à Lux.-Limpertsberg; entrée à droite de la Rotonde, au 1er étage la dernière pièce à droite du couloir.*